



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

Dépôt: Marc Goergen  
Débat d'orientation  
sur l'agriculture biologique

Lëtzebuerg, den 3<sup>te</sup> Juli 2019

5

## Motioun

### Deputéiertechamber,

- Vu d'Gesetz vum 27. Juni 2018 iwwert den Déiereschutz a seng zougehéiereg exekutéierend Reglementer;
- Vu d'europäescht Reglement 1/2005 iwwert de Schutz vun Déiere während dem Transport ;
- Besuert doriwwer, dass déi existéierend national an europäesch Gesetzgebung, déi d'Dignitéit an d'Wuel vum Déier schützen sollen, zu Lëtzebuerg a ville Fäll net respektéiert gëtt ;
- Wëssend, dass Lëtzebuerg d'Gesetzter a vollem Mooss applizéiere muss, fir den Déiereschutz net nëmmen um Pabeier, mee an der Praxis ze garantéieren ;
- Zur Kenntnis huelend, dass Lëtzebuerg weider Efforten am Beräich vum Déiereschutz maache muss

### invitéiert d'Regierung,

1. Der Chamber ab Januar 2019 ee joerleche Rapport zum Déiereschutz ze presentéieren, aus dem ervirgeet, wéi vill an a wéi engem Ëmfang Kontrollen am Déiereschutz duerchgefouert gi sinn. Dëse Rapport soll d'Déierenhaltung am Privatberäich an d'Déierenhaltung am kommerzielle Beräich regroupéieren. Am kommerzielle Beräich soll de Rapport d'Déierenzucht, den Déierentransport souwéi d' Schluechtungen zu Lëtzebuerg ëmfaassen. De Rapport soll och d'Unzuel un Infraktiounen festhalen, déi am Beräich vum Déiereschutz begaange gi sinn an eng Suite judiciaire kruten.
2. D'Strukturen an d'Mëttele vun der Veterinärsinspektioun souwéi der Police weider auszebaue fir d'Kontrollen am Beräich vum Déierentransport weider ze erhéijen.
3. Weider Restriktiounen anzeféieren, déi de Verkaf vu liewegen Déieren duerch temporär Succursalen vu Sociétés an ASBLen am öffentleche Raum, wéi zum Beispill op Braderien, op ee strikte Minimum reduzéiert.

Marc Goergen  
Deputéierten

